**N° 4165**
Reçue le 27.04.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 27. Abrëll 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weider ze leeden.

No engem rezente Virfall an engem Police-Kommissariat a Frankräich bäi deem eng administrativ Agentin ëmbruecht gouf, gëtt an eisem Nopeschland vill iwwer d'Sécurisation vun de Kommissariater diskutéiert.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi e Sécherheetsdispositif gëtt et am allgemengen an eise Police-Kommissariater?
- Gëtt et an eise Police-Kommissariater eng Accès-Kontroll an eng Méiglechkeet d'Visiteuren op Waffen ze kontrolléieren, esou änlech wéi et bei de Geriichter funktionéiert?
- Ginn et getrennt Accès'en fir Personal a Visiteuren ?
- Goufen et an de leschte Jore Virfäll a Police-Kommissariater wou d'Sécherheet vum Personal oder Visiteuren a Gefor war ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Léon Gloden
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 27 avril 2021

Objet : Question parlementaire n° 4165 du 27.04.2021 de Monsieur le Député Léon Gloden - Sécurité des commissariats

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés